



**Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister op d'parlamentaresch Fro no. 6000
vum 30. März 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

1. Wéi vill Leit sëtzen zur Zäit am „Centre de rétention“ an op wéi vill Leit maximal ass déi Struktur ausgeluecht?

Den 20. Abrëll 2022 huet de Centre de rétention 33 eenzel Männer hebergéiert. De Centre ass a 4 Unitéiten opgedeelt wouvun der 3 am Prinzip vir Männer reservéiert sinn (46 eenzel Zëmmer) an eng mat 14 Zëmmer vir eenzel Fraen an/oder Familljen, woubäi ze bemierken ass, dass déi Zëmmer kënnen duebel beluecht gi wann Famillje mussen opgeholl ginn, sou dass d'Capacité d'accueil maximale normale bei 60 ass wann just eenzel Fraen an eenzel Männer hebergéiert ginn a bei maximal 74 wann all Zëmmer vun der Familljen/Fraen-Unitéit duebel beluecht wier.

2. Wéi vill Leit sëtze méi wéi sechs Méint am Centre de rétention a wéi laang sinn déi Zäitramm? Sinn déi ëmmer konform zum Maximalopenthalt am Gesetz?

Säit senger Mise en service am August 2011 ass kee vun den 3507 Retenuen déi am Centre logéiert goufe méi laang wéi déi legal maximal Openthaltsdauer am Centre placéiert gewiescht. D'Moyenne vun der Openthaltsdauer lung vir d'Joer 2021 bei 45 Deeg.

3. Wéi vill Persounen an Abschiebehaft haten nët nëmme kéng Pobeieren oder en negativen Asyl-Bescheed, mee waren hei am Land och an enger aanerer Form stroffälleg ginn?

Vun deenen 33 eenzel Männer déi den 20. Abrëll 2022 am Centre de rétention souzen, haten 3 Persounen keng Pabeieren, wéi och een negativen Asyl-Bescheed a si stroffälleg ginn.

4. Wéi vill Persoune sëtzen am Centre de rétention, well hir Hierkonftslänner si nët méi zeréckwëllen?

Keng.

5. Wat fir Länner belaaschten de Centre de rétention am meeschten, duerch hir Haltung géintiwwer hiren eegene Bierger?

Ech verweisen den honorablen Deputéierten op d'Aentwert hei uewendriwwer.

6. Wat vir formell diplomatesch Démarchen huet Lëtzebuerg ënnerholl fir d'negativ Haltung vun dese Länner ze beaflossen?

Reegelméisseg ginn op EU- a Benelux Niveau Initiativë geholl fir d'Zesummenaarbecht mat den Hierkonftslänner ze verbesseren. Am Prinzip gëtt all Joer eng Journée consulaire organiséiert fir d'Konsulen vun den wichtegste Hierkonftslänner iwver déi Lëtzebuenger Prozeduren a Gesetzer ze informéieren an d'Zesummenaarbecht ze renforcéieren. All zwee Joer fënnt och eng gemeinsam Journée consulaire vun de Benelux-Länner statt. Parallel gi reegelméisseg bilateral Reunioune mat den Ambassadeure vun deenen Hierkonftslänner organiséiert wou de Retour ze verbesseren ass.

Lëtzebuerg, de 29. Abrëll 2022

Den Aussen-an Europaminister

(s.) Jean Asselborn